

**Betreff:** frEsch wëll R22 aus dem Bâtiment 4 geheien

**Von:** Richtung22 <info@richtung22.org>

**Datum:** 21.04.2024, 14:27

Léiwen Escher Gemengerot,

Richtung22 ass ee Konschtkollektiv, dat zanter 2010 Filmer, Theaterstécker a weider Projeten ëmsetzt. Am Kader vun der europäescher Kulturhauptstad Esch2022 huet eise Grupp net just ee vun deene gréissten an erfollegräichsten onofhängege Projeten ëmgesat, mee och déi organisatoresch Viraussetzung geschaf, fir sech laangfristeg zu Esch z'etabléieren.

Mir wenden eis haut un iech, well mir vun der A.s.b.l. "frEsch" an engem Bréif vum 4.4. iwwerraschend **opgefuerdert goufen, de Bâtiment4 bis Enn Mee ze verloossen**. Grënn goufe keng genannt, a mir goufen och net virdrun zu engem Gespréich invitéiert. Mir hunn eis ewell zwee mol schrëftlech un de Conseil vu frEsch gewannt, fir d'Situatioun ze klären, mee krute bis elo keng Äntwert.

Richtung22 ass e Grupp mat iwwer 50 aktive Memberen. Mir hunn am Moment ee grouse, lafende Projet (Kinosfilm, Theaterstéck, Online-Medien) iwwer d'Medienlandschaft zu Lëtzebuerg, wäerten Enn Mee ee Buch iwwer d'Lëtzebuerger Kolonialgeschichte mam copybara-Verlag verëffentlechen an hunn eng reegelméisseg Kollaboratioun mam Lëtzebuerger Land fir hir Satire-Säiten. Finanzéiert gi mir iwwert eng Konventioun mam Kulturministère, projetsweis duerch d'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte an och iwwer eng Carte Blanche vu frEsch selwer. De Projet fir dës Carte blanche leeft op d'Mannst bis Dezember weider.

**Eise Grupp ass een Aushängeschëld fir d'Nohaltegkeet vun Esch2022**, mir passen vun eiser Aarbecht hier perfekt an de [Connexions]-Plang vun der Escher Gemeng an hu souguer gehollef, déi zweet Versioun vun deem Plang mat auszeschaffen. Mir sinn eent vun de Grënnungsmembere vum Bâtiment4 a sinn dee Grupp, deen sech am aktivste fir de Bâtiment4 als partizipativen Tiers-lieu agesat huet. Mir hunn d'Konzept vum Bâtiment4 mat ausgeschafft, hu Räum renovéiert, Meetings organiséiert, an eis fir d'Interessen vun den B4-Awunner\*innen staark gemaach. Mir hu frEsch detailléiert Pläng fir eis Zukunft zu Esch virgeluecht an hunn ëmmer d'Gespréich gesicht.

Schonn 2022 hu mir eng laangfristeg finanziell Ënnerstëtzung vun der Escher Gemeng ugefrot, nach am November lescht Joer hu mir eng weider Kéier eng entsprechend Demande presentéiert. Mir befannen eis elo an enger schwiereger Situatioun, wou vill vun deenen Entwécklungen, virun deene mir 2022 gewannt hunn, Realitéit ginn. Op der enger Säit **schaffe mir zanter Joren dorop hin, eis zu Esch z'etabléieren**, hunn eis erfollegräich mat lokale Kulturinstitutione an och mat Studéierendegruppen

vun der Uni.lu vernetzt. Eigentlech hate mir geplangt, eis nach virum Summer un iech ze wenden mat enger drëtter Demande fir eng Konventioun mat der Stad Esch. Mee elo sti mir virun engem iwwerraschenden Aus am Bâtiment4. FrEsch huet eis zwar scho virunner méi wéi eng Kéier ze verstoe ginn, dass si keen Interessi hunn, déi lokal Kreatioun z'ënnerstëtzen, well de Budget vu méttlerweil iwwer 7 Mio. € fir grouss Eventer geduecht ass. Mee dass mir elo souguer eis Räum am Bâtiment4 verléiere sollen, trëfft eis onerwaart.

An eisem Studio am Keller vum B4 steet d'**Bünebild** vum Theaterstéck "Ween stoppt RTL?", dat vu frEsch matfinanzéiert gouf. Et hat vill Succès a soll am Hierscht, Wanter an am nächste Fréijoer nees opgefouert ginn. Wou soss wéi am B4 géife mir fir d'Reprise prouwen, wou soss eis Bün upassen a verstauen? An eisem Atelier gi grad Iddie fir d'**Pride zu Esch** dëst Joer entworfen, mir si fir dee Projet mat aneren Escher Gruppe vernetzt. Wou soss géife mir eis treffen, wou soss kënne mir schaffen? Eist grousst **Workshop-Camp** ass fir de Summer am B4 geplangt. Mir schaffe mat enger Reih Artist\*innen, déi och am Bâtiment4 hier Räum hunn, gutt an enk zesammen, dorënner **ILL**, de **Chris Reitz** an **Hariko-Kënschtler\*innen**. Wéi déi lescht zwee Joren och, si mir dësen Hierscht nees op der Foire de l'Etudiant.e um Belval dobäi, als eenzeg Verrieder.innen vum lëtzebuergesche Kultursecteur. Och bereede mir grad d'Zesummenaarbecht mat engem Kollektiv vu Chemnitz fir, fir am Kader vun der **Kulturhauptstad 2025** do un enger Ausstellung deelzehuelen an dann een Echange mat Esch z'organisieren. Eise Büro an eise Kostüms-Atelier sinn am Bâtiment4. Mir kënnen déi Plaz net opginn, ouni dobäi eise ganze Grupp existentiell a Gefor ze bréngen.

Mir verstinn dowéinst dësen extreeme Schrëtt vu frEsch net. Et ass eis bewusst, dass verschidde Membere vum frEsch-CA sech un de Kritiken, déi mir déi lescht Joren iwwer d'Escher Kulturpolitik geäussert hunn, stéieren. Verschiddenen gefällt och eise Stil net. Trotzdem ass dee versichte Rauswurf an direktem Widdersproch mat hiren eegene (Connexions-)Missiounen. **Wa Konscht onkritesch a gefälleg si muss, fir vun de Kulturpolitiker\*innen als wäertvoll betruecht ze ginn, dann huet dës Stad nach e vill méi grouse Problem.** Kritik a Konschtfräiheet sinn essentiell Deeler vun enger Demokratie. Dass mir eis amëschen an op Mësstänn hiweisen, ass de Beweis, dass eis d'Zukunft vun der Kulturpolitik zu Esch net egal ass. Mir gesinn d'Potential vun Esch als Kulturstad, a Richtung22 kéint hei eng Schlësselroll spillen: "Objectif 1) En 2027 la Ville d'Esch est devenu une terre d'accueil pour les créatif.ve.s" heescht et am éischten, "finalité 2: Soutenir la création dans la ville" am zweeten "Connexions". Mir huelen déi Pläng vun der Escher Gemeng eescht, den CA vu frEsch anscheinend net.

Mam attachéierten Dossier wëlle mer iech dowéinst d'Aktivitéite vun eisem Grupp an eis Zäit am Bâtiment 4 kuerz präsentieren. Eist Zil ass et, ze weisen, dass et e grouse Schrëtt no hannen wier, eis aus dëser Stad erauszegehen. Mir hoffen, dass mir mat Ärer Hëllef eng aner Léisung fannen.

Bescht Gréiss,